LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 11 OCT. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
11 OCT. 2019

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration et de Madame la Ministre de la Justice à la question parlementaire n°1212 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER au sujet du geste de bienvenue aux nouveaux détenteurs de la nationalité luxembourgeoise.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°1212 du 18 septembre 2019 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Äntwert vum Premier- a Staatsminister, Xavier Bettel, vun der Ministesch fir Famill an Integratioun, Corinne Cahen, a vun der Justizministesch, Sam Tanson, op d'parlamentaresch Fro N° 1212 vum 18. September 2019 vum honorabelen Députéierte Fernand KARTHEISER**

Den honorabelen Deputéierte schreift datt *„d'Staatsbiergerschaft an der staatlecher a net an der kommunaler Kompetenz läit"*. Heizou e puer Bemierkunge betreffend d'Kompetenzopdeelung tëschent dem Staat an de Gemengen am Beräich vun der Lëtzebuerger Nationalitéit.

D'Nationalitéit gëtt als dat politescht a juristescht Bindeglied tëschent engem Staat a senge Bierger definéiert. Ënnert dem ofgeännerte Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit ass d'Staatsbiergerschaft keng reng staatlech Kompetenz. De Gesetzgeber huet de Gemengen eng ganz Rei vu Kompetenzen am Beräich vun der Lëtzebuerger Nationalitéit ginn. D'Gemenge sinn eleng zoustänneg fir all Demanden entgéint ze huele fir Lëtzebuerger duerch Naturalisatioun, Optioun oder Recouvrement kënnen ze ginn. D'Akten am Beräich vum Indigénat gi vun de Standesbeamten ausgestallt. Déi kommunal Servicer informéieren och d'Kandidate wann si Lëtzebuerger gi sinn a maachen déi néideg Zoustellungen. D'Gemenge sinn also déi éischt Ulafstell fir d'Bierger, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit wëlle kréien.

Momentan organiséiere verschidde Gemenge Receptioune fir déi nei Lëtzebuerger. Et ginn och Gemengen déi deene betraffene Leit e frëndleche Bréif schreiwen. Esou Aktioune säitens de Gemenge sinn absolut luewenswäert.

Et ass, zur Zäit, net geplangt, datt déi staatlech Servicer een offizielle Geste aféiere wéi zum Beispill eng Zeremonie oder eng Vereedegung.

D'Gemenge sinn den éischten Uspriechpartner fir d'Bierger am Beräich vun der Lëtzebuerger Nationalitéit. Domat ass et un de Gemenge fir ze entscheeden ob se ee spezielle Geste fir déi nei Lëtzebuerger maache wëllen oder net.